

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg


Lëtzebuerg, den 31. Mee 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Wirtschafts-, den Här Mëttelstands-, d'Madamm Ëmwelt- an den Här Fuerschungsminister weiderzeleeden.

E Lëtzebuergesche Doktorand huet, no senger Kritik un der Regierung hirem Héichwaasser-Dispositiv seng Plaz bei enger Lëtzebuergescher Start-Up verluer a Schwieregkeeten op senger Uni kritt. Et gëtt en Dementi vum Patron, vu Politiker oder der Regierung ënner Drock gesat ginn ze sinn. Hien hätt de Mann entlooss fir politeschem Drock aus dem Wee ze goen. Duerfir wëll ech dës Froe vun der Regierung beäntwert kréien:

1. Wéi reagéiert d'Regierung op dës Situatioun? Bekennt si sech zum Prinzip vum der Fräiheet vun der Wëssenschaft an zu der Meenungsfräiheet? Huet si schon Drock op ekonomesch oder aner Entitéiten ausgesat fir eng wëssenschaftlech oder politesch Meenung ze ënnerdrécken, déi hir net gepasst huet?
2. Wou kënne Wëssenschaftler, Instituter oder Entreprise reklaméieren, wann hir wëssenschaftlech Fräiheete vu Politiker oder politeschen Entitéite mësuecht ginn?
3. Mat wéi enge Konsequenze misste Politiker rechnen, déi probéieren, wëssenschaftlech fundéiert Meenungen. déi hinnen net passen, ze ënnerdrécken?
4. Wéi stellt sech déi aarbechtsrechtlech Situatioun vun engem Wëssenschaftler duer, den wéinst senger, der Politik onbequemen, wëssenschaftleche Resultater entlooss gëtt? Misst hien net nees engagéiert an indemniséiert ginn?



Fernand Kartheiser
Deputéierten